# Vor 54 Jahren: Das Massaker von Sonnenburg – 30./31. Januar 1945

Nicht weniger als 819 Ermordete fand die Rote Armee Anfang Februar 1945 im Binnenhof des Zuchthauses Sonnenburg (heute Slonsk), ehedem Westpreußen, nunmehr Westpolen.

Unter ihnen waren zumindest 91 „Lëtzebuerger Jongen", die sich als Refraktäre zu einem bestimmten Zeitpunkt der Zwangsrekrutierung entzogen hatten, danach als „Fahnenflüchtige" gestellt und verhaftet worden waren, gegen Kriegsende im Zuchthaus Sonnenburg konzentriert und hier, Stunden nur vor der Befreiung, von einem SS-Kommando erbarmungslos hingerichtet wurden.



**Programme des cérémonies ce samedi 30 janvier 1999**

*1re partie de la veillée traditionnelle à 18 heures au «Kanounenhiwwel»:*

1) les porte-drapeaux s'installeront derrière la flamme
2) allumage de 91 cierges symbolisant les 91 victimes
3) dépôt de fleurs
4) sonnerie aux morts
5) hymne national

2e partie à 18.45 heures dans la crypte de la cathédrale:

1) les porte-drapeaux s'installeront dans le choeur
2) le secrétaire général Jim Bolmer prononcera la bienvenue
3) appel des noms des 91 victimes
4) sonnerie aux morts
5) prières religieuses prononcées par le chanoine André Heiderscheid
6) les chansons „Eise gefalenen a vermësste Jongen zum Gedenken" d'Henri Reiter, et „Un ons Jongen" de René Schmit, exécutées par des membres de notre chorale et des associés
7) hymne national (deux strophes)

## Die Helden

*Sie fielen.*
*doch wie die hohen Sterne*
*nimmer fallen, nimmer fiel*
*im Sterben der mächtige Mut.*

*Eifernd die Schatten von den Stirnen scheuchend,*
*beglänzt vom Dämmern des kommenden Lichts,*
*vom Lächeln der tröstenden Mutter des Landes,*
*wankellos standen und heiter*
*im letzten, feiernden Sang*
*des Vaterlands herrliche Söhne.*

*Sie fielen.*
*Doch wie die ewigen Sterne*
*nimmer fallen, nimmer fiel*
*im Sterben der mächtige Mut.*

*Nun flechten die Sänger*
*zu unvergänglichem Kranz*
*das schmerzlich herrliche Schicksal,*

*daß solcher Söhne die Hoffenden harren, und*
*solcher Ahnen sich rühmt,*
*das von Ehre noch weiß, das späte Geschlecht.*

*Und Kinder nennen ihre Namen scheu*
*wie Namen von Heil'gen;*
*geläuterter glänzen, entschloß'ner die Blicke der Jugend;*
*es heilen im hellen Gestrahle des Ruhms*
*den Müttern die Wunden der Wimper;*
*und lange liegt vor dem sinnenden Greis*
*im offenen Buch*
*ungewendet das Blatt:*

*Sie fielen. Doch*
*wie die hohen, ewigen Sterne*
*nimmer fallen, nimmer fiel*
*im Sterben*
*der Heimat mächtiger Mut.*

*Nic. Heinen*

## Von Peking nach Paris im Oldtimer

### Zu einer Diashow am 4. Februar in Mamer

Ein herausragendes Automobilsportereignis des Jahres 1997 war sicherlich die über 16 000 km führende und 45 Tage dauernde Oldtimer-Rallye Peking-Paris. 96 Teams aus 22 Ländern beteiligten sich nach einer Pause von 90 Jahren an der zweiten Auflage dieser Veranstaltung, die im Jahre 1907 zwei Wochen länger dauerte bis zum Ziel. Auch zwei Luxemburger Mannschaften starteten zu diesem Abenteuer.

Von Peking aus ging die Fahrt durch China, Tibet, Nepal, Indien, Pakistan, den Iran und die Türkei, um in Istanbul über den Bosporus von Asien nach Europa zu gelangen. Von hier aus ging es weiter nach Griechenland, mit der Fähre über das Mittelmeer nach Italien, dann durch Österreich und Deutschland bis zum Endziel, der Place de la Concorde in Paris.

Unter den 83 Teams, die das Ziel erreichten, war auch der Luxemburger Roby Hellers, der nicht nur **ein begeisterter Automobilsportler ist, sondern auch ein talentierter Amateurphotograph. So konnte er auf seiner abenteuerlichen Fahrt eine reiche Beute an erstklassigen Farbdias schießen, die er auf Einladung des Mamer Photoclubs am Donnerstag, dem 4. Februar, um 20 Uhr im Saal der „Pompiers-Fanfare" (route d'Arlon) in Mamer zeigen wird.**

**Die Überblendprojektion von zweimal 45 Minuten mit musikalischer Untermalung und Kommentaren des Autors wird auf einer Riesenleinwand gezeigt. Bilder von Ländern und Menschen des Himalayas, der auf mehreren Pässen von über 5 000 Metern überquert werden mußte, von Vorkriegsautos, die auf spektakuläre Weise Flußdurchfahrten im Nepal zu meistern hatten, sowie eindrucksvolle Aufnahmen von Städten wie Peking (China), Lhasa (Tibet), Lahore (Pakistan) und Isfahan (Iran) werden zu begeistern wissen.**

## Gedenkfeier vun der Amicale vu Sachsenhausen

D'Gedenkfeier fir déi 19 Gendarmen, Polizisten an Zaldoten vun der fréierer Freiwëllegekompanie, déi den 2. Februar 1945 am KZ Sachsenhausen op eng grausam Manéier kaalbliddeg ëmbruet goufen, as en Dënsdeg, den 2. Februar.

Em 10.30 Auer as d'Mass an der Kiirch Sacré-Coeur op der Gare. Duerno Nidderleë vu Blumme beim „Monument aux morts" vun der Force armée virun den ale Kasären. Jean Boever, M. Bormann, Marc Brimeyer, Jean Gaasch, M. Herschbach, B. Karels, A. Lamboray, Ferd. Nepper, Jean Ney, Jacques Pixius, Emile Reding, Math. Reisen, J.-P. Reuland, Nic. Schaack, Cam. Schaeler, Ant. Schleich, Nicki Schmitz, Franç. Spautz, Paul Weydert hu misse stierwen, well se ofgelehnt hun, d'preisesch Uniform unzedoen a fir den Hitler an de Krich ze goen.

## Norwegischer Chefkoch mit dem „Bocuse d'or 1999" geehrt

Der norwegische Koch Terje Ness, Chef des Restaurants „Bagatelle" in Oslo, ist am Mittwoch in Lyon mit dem „Bocuse d'or 1999" als „bester Küchenchef der Welt" geehrt worden. Der von dem französischen Meisterkoch Paul Bocuse 1987 ins Leben gerufene Preis wird alle zwei Jahre bei der internationalen Nahrungsmesse in Lyon vergeben.

Der 29jährige Norweger erhielt neben einer Skulptur auch 13 000 Euro als Prämie. Er siegte mit einem Taubengericht sowie einen Fischgang aus norwegischem Seelachs und Jakobs-Muscheln. Die Auszeichnung in Silber und eine Prämie von 8 700 Euro ging an den Franzosen Yannick Alleno vom Restaurant „Drouant" in Paris, in Bronze mit einer Prämie von 4 300 Euro an den Belgier Ferdy Debecker vom Restaurant „Eyckerhof" in Bornem. Um den Preis hatten sich Chefköche aus 22 Ländern beworben. Ein Luxemburger Koch war dieses Jahr nicht am Start.

dpa

LIEWENS-PARTNER-FAMILLJE
BERODUNG
89, rue d'Anvers
L-1130 Luxembourg
☎: 40 37 17
(Mo-Do von 9.00 - 12.00 Uhr
und von 14.00 - 17.00 Uhr
Fr. von 9.00 - 12.00 Uhr)

# Eng KLACK fir eis SPROOCH

ACTIOUN LËTZEBUERGESCH
EIS SPROOCH
Adressen: Breedewee, 21 L-1917 Lëtzebuerg
Postkëscht 98 L-2010
Telephon 47 06 12 Fax 22 24 90 & 45 83 89
Cotisatioun/Mêmber: 500 Frang d'Jor
Postscheck: 6644-48

Redaktioun vun dëser KLACK:
René Faber, Lex Roth, Paul Wilmes, Roby Zenner
an de Comité vun der Actioun - Lëtzebuergesch
Nächst Klack (49): 27. Februar 1999

## de richtegen Numm

**Wat as dat eppes mat denen Nimm vun eise Gemengen! Jidderee wëllt et besser wëssen: deen een, well en do wunnt, deen aneren, well et ëmmer sou war, deen drëtten, well jidderee sou seet . . . gët gesot. Sou musse mer äis also nët verwonneren, wann déi eng op Mënsbëch fueren an di aner zu Minsbech wunnen, wa méi wéi eemol schro Diskussiounen iwwert Déifferdéng an Déifferdang entstin, a wann op eemol kee méi weess, ob d'Tata da lo „op der Schanz" oder zu Altréier wunnt.**

**Ganz ofgesi vun der Verdäitschung vu villen Uertschaftsnimm a vun denen onheemlech ville falsche Betoununge wéi „Koller" amplaz „Koler" (mat langem O, w.e.g.) oder „Gras" amplaz „Grass" (mat kuerzem A, w.e.g).**

**An da gët rëm ielelaang driwwer gestridden, fir wat Bridel hei mat engem an do mat zwéin D steet, ob een dann elo Wolz, Woolz, Woltz oder souguer Wooltz soll schreiwen.**

**Ganz dacks kréie mir an der Actioun Lëtzebuergesch Telephoner, Kaarten a Bréiwer, wou mer ëm Rot gefrot gin; a mir kënnen et och nët ëmmer soen, well et einfach keen „Handlaf" gët, un dee mer äis kënnen halen.**

**Duefir huet de Comité vun der Actioun Lëtzebuergesch dëslescht heiriwwer geschwat an huet och fond, wéi een dee Knuet kinnt léisen, ouni direkt mam Messer an der Wonn ze wullen. Et gët jo ëmmer rëm geschwat vun deer sou helleger „Autonomie" vun eise Gemengen. Maja, da solle sech eis Gemengepäpp dach mol mat der Fro ofgin an ee fir allemol festleën, a souguer schrëftlech, wéi hir Gemeng a wéi déi eenzel Sektiounen da lo definitiv genannt solle gin. Natiirlech solle se sech bei deer wichteger Aarbecht d'Saach nët ze liicht maachen a sech vu Fachleit berode loossen. Et gët jo kee Problem fir déi meescht vun eise Gemengen, mee déi aner . . . Et gët der, déi an de Bicher, an den Archiven oder an den Dokumenter dat Richtegt fannen, wéi den Numm ausgeschwat a geschriwwe gët; et kann ee sech och op d'Gewunnechte vun de Leit stäipen, et kann een och mol d'Actioun Lëtzebuergesch ëm Rot froen . . . oder „d'Leit" ofstëmme loossen.**

**Grad wéi d'Deputéiert virun e puer Jor décidéiert hun, wéi eise Fändel auszegesin hätt, sou gif de Gemengerot an allen 118 Gemengen eng Délibératioun doriwwer huelen. An dann hätt et sech, an zwar offiziell.**

**Fir datt aus deer Iddi Neel mat Käpp gemaach gin, freet d'Actioun Lëtzebuergesch lo an engem Bréif de „Gemenge-Minister", hie soll de Gemengen alleguer e Bréif schreiwen an de Gemengepäpp a -mammen un d'Häerz leën, bis e bestëmmten Datum hir Decisioun an den „Intérieur" eranzeschécken.**

**Da géngen déi 118 Nimm vun de Gemengen a vun denen eenzelen Uertschaften op franséisch, op däitsch an op lëtzebuergesch am Memorial stoen; domat wir vill Gerëffels aus de Féiss!**

**R.Z.**

## Merci, Stad Lëtzebuerg!

Am Oktober '97 hate mir a Clausen en Owend iwwer de Michel Rodange organiséiert. Mir? Dat war den Intresseveräin, dat as d'Clausener Musek gewiescht, an de Schreiwert vun der Actioun Lëtzebuergesch hat d'Éier, den Dichter vum Renert als Mënsch an Nationaldichter virzestellen. Besonnesch Freed huet et äis gemaach, den Här Erzbëschof Fernand Franck als fréiere Clausener Paschtouer begréissen ze däerfen, an eis Freed ze soen, datt och de Schäfferot vun der Stad gutt vertruede war. De Sall am „Centre culturel Auguste Liesch" war schleechvoll. Eise Rodange-Owend war geroden . . . an et guf haut e Versprieche gehal, dat d'Gemeng deen Dag ofgegotzelt kritt hat: um Stierfhaus vum Rodange, ënnen um Fouss vum Clausener Bierg, d'Bronze Plack vum Renert-Dichter opzehänken; apaart elegant huet et äis geschéngt, datt (esouguer an engem Wal-Jor!) kee Propaganda-Rämmidemmi rondrëm déi Saach gemaach gin as.

Mir halen ower an dëser Klack drop, dem Prësident Charel Boucon, séngem fläissege Sekretär Norbert Doemer, der Gemeng Lëtzebuerg merci ze soen, datt si eise Virschlag ugeholl . . . a bezuelt hun.

AL

## de Béierstupp

Datt eis Sprooch keng nei Ausdréck gif maachen, dat stëmmt nët esou, wéi dat plazeweis emol behaapt an esouguer geschriwwe gin as. Iwwregens gin nei Wiirder ni vun enger Sprooch gemaach, mee vun de Leit, déi se schwätzen . . . a wann déi Leit – ewéi d'Lëtzebuerger – et zevill einfach mat anere Sproochen hun, da kritt en neit Wuert Krämpes, fir op- an unzekommen. Dobäi kënnt och nach, datt eis Sprooch schrëftlech géint d'Däitscht, d'Franséischt an esouguer d'Englescht en Heeschekand as; et sief dann, esou e Wuert gët an enger Reklamm gebraucht, déi et op eng breet a laang Schinn setzt.

Dat as elo de Fall mam „Béierstupp", deen d'Firma EMO zesumme mat der Brauerei Bofferding entwéckelt huet; am Geschmaach an am Gefill as et eng Mëtt tëscht eisem Wirschtchen an der Mettwurscht. Wien den Ausdrock „Béierstupp" erfond huet, wësse mir nët, ower mir fannen d'Wuert sympathesch a soe merci dofir. Vläicht wëssen der vill nët, datt op ville Plazen am Land fir e Wirschtchen och „Stippche" gesot gin as an nach gët (Wolz, Dikrech, asw.). Datt de „Stupp" an de „Stuppes" an de „Stippchen" an eiser Sprooch dat selwecht sin ewéi de „chou" am Franséischen oder de „Schatz" am Däitschen, dat mécht den neien Ausdrock nach méi léif, a mir wënschen deer neier Wuer an deem neie Wuert all Guddes.

P.W.

**HAAPTVERSAMMLUNG**
**Actioun-Lëtzebuergesch 1999**
**fir eis Mêmbren a Frënn**
- samschdes, de 27. Märez
- ëm 15 Auer
- am „Café beim Kapuziner-Theater" an der Stad

***Huelt Iech déi 2 Stonne fir Är Sprooch***

## Apdikt

An eise Statute steet, datt d'A.L. sech op alle Gebitter dofir asetzt, eiser Sprooch déi Plaz verschafen ze hëllefen, déi si verstännegerweis als eent vun eise kulturellen Identitéits-Elementer verdéngt.

Dobäi gehéieren natiirlech eis Uertschafts- a Stroossennimm, mee et gët och nach méi „kleng an onbedeitend Saachen". Eng dovun as z. B. e lëtzebuergeschen Numm vu Geschäfter, vun engem Restaurant . . . a vun enger Apdikt. As et iech ewell opgefall, datt ëmmer méi Apdikter uechter d'Land nët nëmme méi „Pharmacie", mee och ganz klor „Apdikt" op hirem Schëld an esouguer op hiren Tuten an dem Apakpabeier stoen hun . . . mir soe villmools merci. Wësst dir iwwregens, wou dat fir d'éischt de Fall war? Zu Wolz, op der Apdikt Eugène („Jitz") Weber . . . kee Wonner, well de Scoutsmaster „Jitz" och ewell e flott Buch op lëtzebuergesch erausgin hat: „Dräi onheemlech Nuechten".

Ali

## Nësszaang...

Wir esou een Ausdrock dann esou dolaanscht, aplaz, datt mir vun „Nußknacker, oder dem Décapsuleur an dem Tire-bouchon" schwätzen. Domat gët kenger anerer Sprooch eng Zack aus der Kroun gekrächt . . . an d'Lëtzebuergescht wir der 3 méi räich. Et as just eng Fro vu guddem Wëll. Maacht mat!

## den Här Roger Heynen

hat dëslescht e Lieserbréif iwwer d'Schreifweis vun eiser Sprooch an d'Zeitung gesat. Mir waren doriwwer op zwou Manéiere frou:

1. Do huet e „Laien" äis klor an däitlech gesot a gewisen, wéi a woufir hie sech an eis Orthographie geknéit huet; et brauch ee just eng Grimmel éierleche gudde Wëll an – wéi den Här Heynen – e klore Kapp.

2. Der Actioun Lëtzebuergesch hir „Extranummer 3" huet och eisem neie Schreiwert op eng einfach Fassong op de Spronk fir an d'Schrëft-Lëtzebuergesch gehollef; nom Roger Heynen séngem Lieserbréif si mir de Stouss Leit bal nët méi meeschter gin, déi eis „Nr. 3" um Telephon 47 06 12 bestallt hun. Mir soen, am Numm vun eiser Sprooch, en déckege Merci!

AL

## Wou sin dës Nimm?




(Photoen: R.F.)

**Eis Sprooch um DNR • 102,9 an 104,2**
**Vu méindes bis freides, all Dag mueres um 9.20 Auer eng Minutt fir eis Sprooch, Är Sprooch! Iddien, Kritik, Froen a Virschléi**